A6 - 06 (1)

# De Wanter um Geriicht

## 1.Scén

Richter:Hèr Platsch,Dir sid me'in Sekretär.
Platsch:Gewöss,Hèr Richter Ruprecht ;ech sin ho'ffrech drop, Iech dingen ze können.
Richter:Gudd.kuckt Hèr Sekretär,Richterspillen ass nit grad me'ngt Handwerk,ech gi le'wer Rudde schneiden,fir d'Bo'wen ze köddelen;lauschtere le'wer nuets bei de Fe'nsteren wât Neies get a si le'wer am gringen Bösch we' beim gringen Dösch.Ech hun e bösschen Angscht virun desem Prozess wöll d'Réd ke'nt mir nit ganz lîcht,ech färten,mir blame'ren e'is haut bei deser Affär.
Platsch:Keng Angscht,Hèr Richter.Ech fannen ,Dir mâcht eng ganz gudd Figur. Wann ech Iech höllefe kann,ech mân et ger.Ech hun zwê Johr Kolle'sch gemét an ech hât ömmer Spâss um Dédigen.Mir wèrten dé grugeligen Hèr Baron v. Schneehausen schons gewekelt kreien.
Richter:Ja,ja.Dir hutt jo én Deiwelskurage;ech hun och nach nie gefârt,wuer ke'm ech dersonner hei am Bösch zu allen Ze'iten,bei Dag a Nuecht.Mais, dese Prozess mecht mir dach allerhand Gedanken-kuckt,de Wanter an ech,sin am Fong kollegen,Frönn ge'f ech gèr soen,an do----
Platsch:Ah nén,Hèr Richter,duerno därft Dir elo nit kucken; Dir sid elo nit me' de Knecht Ruprecht,dé mam Wanter handelt a rést,mais Dir sid Richter an enger ganz wichteger Sâch:De Wanter ass verklôt,schwe,er verklôt an Ert Urtél muss ganz gerecht sin.
Richter:Do hu mer jo d'Schwierigkêt,ech si ké Salomon.
Platsch:An de Wanter ass kén Engel.O,nachlâng nit am Ge'gentél.Kuckt......
Richter:SId Dir Richter,Hèr Platsch oder sin ech et?
Platsch:Dir sid et,Hèr Ruprecht.Ech wöll Iech a ne'ischt réden,mais.......
Richter:Gudd,da fänke mir elo mat der Affär un.Dir hutt jo de ganzen Dossier parat?
Platsch:Bis zum Töppel op den i.
Richter:Et si jo eng ganz Mass Zeie GElueden,fir en a ge'nt en
Platsch:Me' ge'nt en,Hèr Richter.Ech hun 2 Johr Kolle'sch gemét.....
Richter:Gudd da fänke mir un,Hèr Polizist Kniddel.
Kniddel:
(schlet un)Hei ass de kniddel.Hèr Richter.
Richter:Fe'ert dén Ugeklôten erân a mâcht,datt en Iech nit önnerwé entwöscht.
Kniddel:Keng Angscht,Hèr Richter.Ech huelen e mat der Kar= Wätsch.(of)
Richter:Hât ech je gemèngt,de Wanter hei virun dém grigen Dösch ze gesin.
Platsch:Hién hätt schons lâng misse condanne'ert gin (ho'scht a ne'tzt)Ech hun de Schnapp an den Ho'scht,et ass fir ze stierwen.

LËTZEBUERGER GUIDEN A SCOUTEN "LGS"

2.Scén

De Polizist ke'nt mam Ugeklôten,d'Zeien sètzen sech op d'Bänken, den Affekôt op é Stull néwebei.

Richter:Ere Nuem wann ech geliff t?

Wanter:Ma,so emol,Ruprecht,mir zwe'n kennen e'is dach.Wésst du nach....

Richter:Ne'ischt eso.Hei sin ech Richter.Dir sid schwe'er verklôt an Dir huet elo ze äntwern op dât wât Dir gefrôt git.Also Ere Nuem?

Wanter:Baron von Schneehausen,so' âl we' de Bierg dohannen, wunnhäftig op der hechster Kopp vun der Schwe'iz,o'ne' Frâ,o'ne,Kanner,mais Direkter an Egentömer vun der gre'sster Schne'fabrig vun der Welt!Spézialite'ten:Frigidaires o'ne' Elektrisch,bölleg awer gudd;Ingénieur vu Schlitten a Skisport-Vertreter vu Pelz-a Kuelenhändler - 1o Goldmedaillen op der lèschter Olympiade--Ass dat Bâl genug?Da nach èppes: Momentan am Krich mat der halwer welt-op mengem Wappen steht é Schne'mann,a ronderem geschriewen:Kâl.Hârt-wöll-Rücksichtslos.--So',lo kennt dir meng Firma.Wién eppes vu mir wöllt oder mat mir wöllt,oder ge'nt mech wöllt,dé soll sech melden.Mais gare la mine.

All:Hu.Hu.Hu.we' grujelech.Hu.Hu.Hu.

Platsch:Kniddel,hâl e fest un,datt e kengem eppes dét.Mâch dass de Brigang dir nit entléft.

Wanter:(zum Platsch)Du klengen,ârmen driepschen.Komm,ech stêchen dech an d'Jiletstäsch.Ech hauchen eng Ke'er,da basst du jo gefruer an et kann én dech als Gefrierflésch bis an d'Sahara scheken.

All:OGott,mâcht,dass e nit lass ke'nt

Richter:DÂt fängt jo gudd un.

Maus:Dir gesitt selwer,Hèr Richter,wât et fir é Lömmel ass.

Richter:Hei äntwert nömme,wé gefrôt get.Et hätt mech gewonnert,wann d'Madame Maus hätt de Mo'nd hâle können.
Hèr Baron v.Schneehausen.Dir schengt jo trotz Erem he'gen Alter nach ganz gesond ze sin.Echsin îwerzégt,mir hun dé Richtigen virun e'is.

Wanter:Et get nömmen én we' ech sin.

All:E Glek.E Glek.A fort och mat dém.

Richter:Dât muss sech elo an der Untersuchung fannen.De' mâche mir elo ganz ro'eg an onparte'iisch.D'Frô ass vill ze wichtig fir,besonnesch an dese schwe'ren Ze'iten,iwer de Kne' gebrach ze gin.
Also,Hèr Wanter,Dir sid schwe'er verklôt.Ech si mat de Kloen bei St.Pe'ter geflunn,an dén huet se eisem Herrgott önnerbrét. Eiser Herrgott huet mech als Richter vun dér wichtiger Frô bestallt.Ech hun de'charge nit gér ugeholl,wöll mir zwe'n e'is jo kennen;mais do konnt ech nit ofschlo'en,an Dir alleguer heibannen,Dir begreift,ech sètzen all meng E'er drân fir gercht ze ûrtelen.Eiser Herrgott ass mir Zeien.(feierlech)

All:Mir erkennen de Richter un an trauen him.

Wanter:Ech erkennen en och un.Echhu me'in Affekôt,den Hèr Kodex, matbrucht;mais,dir Männercher a Frächercher,ech si nach Mann genug,fir selwer Réd an Äntwert ze sto'en.Et ka lass go'en.

Richter:De'Dammen an Hèren de' eppes ge'nt dén Ugeklôten hun,tréde vir--én nôm âner,a soen op E'er a Gewössen,d'Wo'recht a soss ne'ischt we' d'Worecht.

Platsch:Ech hun se all am Dossier,Hèr Richter.
Richter:Anonym schreiwen an unhänken ass lîcht,awer feig.Jidderé muss de courage hun,offen a frei,kengem zu le'f akengem zu le virum Feind seng Ménong ze soen.Dat a nömmen dat nennen ech Charakter hun.
All:Dat könne mir.Dat hu mir.
Richter:De Jeng Angscht,den Hues,soll virtréden.
Angscht:O,mei Gott,et ass mir eso' bång.Dir wèrt mech dach nit ersche'ssen oder erbe'issen.
Richter:Hèr Angscht,keng Angscht.Wât huet Dir ge'nt de Wanter .
Angscht:Ojemine,ech kann et bâl nit soen.Hèr Richter,ech hun âlles ge'nt en.Hié kann eis Familgen nit leiden.Hién dét e'is erhe'ngern.Nit én Hällemchen ass me' ze fannen,ech hun alt d'Schél vun de Bém knabbere mussen,an dovu krut ech eso' de Bauch we'.We' wann de Blinddarm mer geplatzt wär.Denkt Iech Hèr Richter,bei dém kascht um plakige Feld.
Wanter:Ma,da krauch an de Bösch,önnert eng Dänn,domme Still.
Angscht:Do helt de Fuss mech.Iwerhâpt,Hèr Richter,u mech areme Schellem gin se alleguer,mais dén do ass dach dé Schrôssten. Am Summer kann ech mir iwerall höllefen,mais am Wanter.... O,ech mèngen,ech he'ren de Gukuk nit me' ruffen.-
Richter:Dir schengt nit vill Courage ze hun,mais ech begreifen, datt et Iech elo schlecht geht.Jiddefalls sid Dir nit frech,an Dir ditt kengem eppes.
Angscht:Ech engem eppes dinn.Mei Gott,Hèr Richter,ech hun nach kenger Mek we'gedon an........
Wanter:Ale Je'merklôs,et wär nach ké gro'sse Schued,wann èr ganz Rass vum Erdbuedem verdillegt ge'f.
Je'er:Pardon.Mein Nuem ass Grôf vum Wibbelpötz,ech si Je'er,an ech proteste'ren duerge'nt.
Richter:Schwätzt wann Eren Tour ke'nt.Hèr Angscht,Dir könnt Iech sètzen.D'Re',den Hèr Frim Hoppla,huet d'Wuert.
Hoppla:Ech sin d'Re',an hêschen Frin Hoppla.Den Hues an ech si Frönn,én tre'scht sech alt um âneren.Et geht mir grad we' him.Mir hun durecht d'Kélt an dat schlecht Fudder eng Kränkt önnert e'is kriet a mir hâten duerdurech eng Dosen Stierffäll an der Familgen.Ech si wuel me'gro'ss an me' kräfteg we' den Angscht,mais ech packen et och bâlnit me'.Wann de Féschter e'is ne'ischt ge'f,ech wéss nit, wât et ge'f.Wât hu mir dém Tyrann do dach nömme gedo'.?
Wanter:Dir sid all verwînt.Dir mâcht johraus johrân weider ne'icht We' sprangen a fréssen a leien.Dir schafft jo ké Stréch. Dir git alles,wât dir braucht,-stehlen,jo stehlen.
Hoppla:He'ert der,Hèr Richter,elo helt en eis och nach eise gudde Nuem,dât énzigt,wât mir ârem Leit hun.Wât slle mir schaffen. Den Herrgott....
Wanter:Jo,ech soen et nach eng Ke'er:De'f sid dir.Dir git dem Bauer an d'Récolten.
Richter:Iwerdreiwt nit,Wanter,et bleiwt nach genug fir de Bauer. Huet Direppes ge'nt de' Familgen?
Wanter:Nit am geringsten.Ech mâchen me'ngt,sie können hîrt mâchen. Sie könne jo schlôfen,we, den Igel an den Dachs.
Hoppla:Dât brenge mir nit fertig.Mir hu ké Schlôf.Mir hu keng Patten fir e'is eng Hehl ze gruewen.An da bliew kengt me' vun e'is léwig.

Richter:Dât ~~brenge-mir-nit~~ stömmt.Den Herrgott wo'sst,wât e gemét huet.Alt én âneren,de Spatz.

King:Ech sin de Spatz,an hêschen Klôs King.Ech wunnen am Duerf, ronerem d'Heiser.Ech färte nit a soe me'ngt rîchteraus.Wem et nit gefällt,dé kann et eraus spe'izen.Jo,Hèr Baron von Schneehausen,dir sollt elo mol gehe'reg d'Lewite gelese kreien

Wanter:Get et nun awer op der Welt me' eppes Freches we' é Spatz.

King:Dann ass et nawell égal.Et ass och nit grad fir meng Familgen Hêr Richter,wo'ech hei pläde'ren,wöll de' färt ké Wanter, wöll mir schlo'en e'is schlecht a recht an alle Situatio'nen dûrch d'hârt Le'wen.Mir kre'ischen a jâmeren och nit,wann et emol eng ke'er me' hârt derwidder geht;mir si nit verwînt; mais ech hun dach vill Komeroden'de' me' fei gebaut sin-a wöll ech én ze'mlech gudden Zongeschlâg hun a nit färten.....

Wanter:Frech we' é Spatz.....

King:Sôt Dir vu mir wât Dir wöllt,Hèr Baron....nit jidferén ka Barong sin an eso' gro'ss Fabriken hun,Ech sin én einfachen Bieger an Dir geheit mech nit aus dem Gleis.Ech geheien eraus wât ech um Herz hun,op dat Iech gefällt oder nit.Wât' .
Dir de Vullen an Erer schlämmer Ze'it undid,dât verdingt de Gale'.Jo,de Gale'.Dir sollt gekäppt,erhâng,erschoss an ersoff gin.

All:Bravo,Spatz,gef em es.

Richter:(Schellt)Ro' am Publikum.

King:De' bèscht an de' sche'nst vun de Vullen hutt Dir fortgedriewen de' âner pengigt Dir op der Do'd.Alles hutt Dir e'is geholl. Dir sidd dé gre'ssten Tyrann!dén et jé gin huet,O,wär ech me' gro'ss.O,hätt ech me' force,a wann ech Iech Méschter ge'f. De Bârt ge'f.ech Iech ausre'issen.Um nordpol,do ass Er Plâtz, awer nit bei zivilise'erte Leiden.Hèr Richter,Dir misst de' emol zéhlen,de' durech dén zugrond gin.D'Hohr gingen Iech zu Bierg stoen.Ech béden Iech,huelt eis dé Brigang vum leif. Mir sangen a pe'ifen Iech de' allersche'nst Lidder.(Bravo.)

Kodex:Pardon,Hèr Richter,mei Nuem ass Kodex,ech sin dem Hèr Baron von Schneehausen sein Affekôt.Ech wärt dem Vullepâk do derno schons äntwern.Fuert ro'egg mat der Uklô virun.

Richter:Gudd,Hèr Affekôt.Mais ech hun dém courage'erte Spatz nawell gèr nôgelauschtert.Un dém ass é gudden Affekôt verluer gâng.

King:Ech si fir alles ze brauchen.

Richter:De Kawéchel huet d'Wûrt.

Turner:Mei Nuem ass:Mett Turner,an ech wunnen op der hechster Dänn am Bösch.Wât ech ge'nt de Wanter hun?De'ganz Me'nt spèrt e '.c mech an d'Haus ân.Hun ech dén Arrest verdingt?Ech ka kén Tour mâchen,ech,wo' ech gewînt sin ze turnen.Ech gi ganz wuedegrämmig.Dât ass eso' langweilig,datt et matt Zeiten nit auszehâlen ass.E ble'st mer zu allen Diren erân,ech ka stoppe we' ech wöll.En hât mech t'lèscht bâl mam Stûrm mat mengem Haus vun der Dänn gehe'it.Ech duecht,d'Welt ging önner D'Bém si vu sengem Glötz eso' glât,datt ech,trotzdém ech é gudden Turner sin,oppasse muss.Ech hât schons d'Schöller ausernén.Dât hât mech bâl d'Liewe kascht.-Hié verstoppt mir alles,wât ech mir gesammelt hât,ech hu schons duerdurech Honger gelidden,Hèr Richter.

Wanter:Wât é Pharise'ier.Gidd,frôt de Fieschter,wât dén do am Bösch stficht.Durech mech ass nach kê kapott gâng.
Turner'He'ert Dir,Hèr Richter,wat é Grobian dât ass.Spért en ân a lôsst e nit me' eraus.
Richter:Et he'ert én allerdings ne'ischt Guddes a mir sin nach lâng nit um Enn.-De Fûss huet d'Wuert.
Lûssig:Ech hêsche Paul Lûssig.Ech soen Iech,et muss én daks aller=hand Konschte mâchen,fir d'Enner zesummen ze brengen.Enger=se'its ass de Wanter é Schroen an dann ass et och knapps bei e'is.Da get gerôst,dât stömmt,zumol wann d'Kanner hongreg sin Zur âner Se'it lescht de Wanter mir och muenchen Dingscht.
Wanter:Kuck,dé Lûssert,dé wöllt et mat kengem verdierwen.Du denks wo wuel u muenche Brôt,den ech dir op de Wé gelmegt hun,hein?Dé kranke Boutik ass gudd fort,an du wars fro' hein?
Angscht:He'ert der,elo sét en et jo selwer.
Lûsseg:Dir Herrschaften,ech enthâle mech an desem Prozess;ech brauch mir nit mutwölleg Feindsleit ze mâchen.
Richter:Fûss,Dir sid schlau,mais ech soen Iech:de Spatz gefällt mir trotz sengerGrobhêt besser.
King:Bravo.Bravo.Ech wannen de Prozess.Des Ke'er kreie mir en.
Richter:D'Maus huet d'Wûrt.Jausig:Dir Hèren,ech sin d'Lina Jausig. Jo,d'Lina.Eng fein Dame aus der Rommelskoll.En âneren ass ni eso' domm we' dir mengt.Méngt Dir ech ging bei é Bauer an d' Scheier?Dât können de' âner mâchen an de' berepsen dât uereg.Ech hun 15Kanner,hât e schwe'ert Le'wen,mais haut hun ech et gudd.
Richter:Wuefir hutt Dir Iech da beschwe'ert,wann Dir et eso' gudd huet?
Jaus'g:Ja,geldir,Hèr Richter,wann ech mech ge'nt de Wanter beschwe'e hun,da war ech a mengem sche'nste Recht.Wann ech de' Rommels koll zu...nit fond hätt-nun hun ech se awer-ja,da we'sst ech nit awt ech mat menge 15Kanner mâche ge'f.
Richter:A wât mâcht Dir dann elo?
Jausig:Mais Hèr Richter,geldir,an enger Rommelskoll,do frösst é Rommelen . .* dât mâchen ech vu mueres bis owes a vun owes bis mueres.
Richter:Vun dém Bauer senge Rommelen?
Jausig:Ma gewöss,Hèr Richter,vu wém sengen da soss.Dât ass einfach.
Richter:Oho.Ass dât eso' einfach.Wann dé Mann sech de ganze Summer geplôt huet fir seng Be'schten.....
Jausig:Si mir Meis keng Be'schten,Hèr Richter?Jo,mir sin och Be'schten.
All lâchen.
Jo,lâcht dir.Dir sollt emol gesin,wât meng 15Könnercher sech an der Rommelskoll opgedo' hun,o et sin Dengercher,eso' molleg,eso' ronn,ech hu meng Fréd drun,Hèr Richter.Ech soen ömmer zo' en: Lôsst dir iech et gudd schmâchen,Kanner,et sin der jo genug do.
Richter:A wann de Bauer ke'nt?
Jausig:Dé ke'nt nit,Hèr Richter.Wann et me' no zum Fre'johr geht,da ke'nt en.Mais,mir kennen den Trick.Mir hun e'is e Gank bis an d'Mött gelôss.Da lâfe mir dorân,a wann deBauer rem fort ass,da geht eise Concert erem un.O,et ass zevill sche'n.
Wanter:Ma,da lôss mech mat Ro'.Wuefir gehst du dann dorömmer mech beklâken?

Jausig:Dank dem Herrgott,datt er mir gudd geht.Mais,gare la mine, wann et mir schlecht ging.Wann ech dann de' Rommelskoll nit fo'nd hätt,we' se'tz ech dann de mat menge 15Kanner?An d'Hä ge'fst du én dreiwen.An é kâlt wâsserlach,wo' én ne'ischt z re'issen an ze be'issen hätt,da,Mannchen,sollst du emol d D'zong vun der Lina Jausig an hirer ganzer Rass kenne le're Awer lo kannst du rossen an torne'ren--mir--kuck-mir kannst du ne'ischt me' undin.Ech lâchen dech aus.Wésst du wât:De' lâng Wanterme'nt mâche mir Witzer vun dir a spillen Theater vun dir.Mein Elsten huet é wonnersche'nt Spottlidd op dech gemét.Mir rullen e'is vu Lâchen a lauschteren,wanns du we' é wölle Bér iwer d'Gewân saus.So! ass dât,Hèr Baron v.Schne hausen.-Ech hâle natierlech meng Klô oprecht,a wann engem vun e'is eppes geschnitt-wèll eso' ganz secher si mir dach nit-dann huest du et um Gewössen,a mir verlângen Schuedener sâtz-Ah jo.-

Richter:Donnerwéder.Wât én Zongeschlag.Do stéchen jo 10 Affekôten dran.Madame Jausig.Dir könnt Iech zreckze'en,Dir sid Er So wert.

Jausig:Ech mèngen awer och.(kreischt)Et ass jo wo'er.Si mir da keng Leit.Ass et nit genug,datt mir ârem sin?

Wanter:Dât ass nun awer dé gre'sste Pâk,dén d'Gewân dre't.Gitt uecht,dass ech Iech nit eng ke'er ze pâke kre'ien.Ech verdilgen Iech vum Erdbuedem.Iech an Er Rass.

Richter:Et ass égal,courage huet dât De'er an och Le'wesârt.D'Madam Emma Blöll huet d'Wuert.Dir sid Wäschfrâ,geldir?

Blöll:Gewöss,Hèr Richter.Schons 30 Johr lâng gin ech mam Blöll klappen an dât ass kê Spâss.Zumol nit,wann dén hârde Wanter do eso' eisèg kâl Wâsser mecht.Ech wöllt,dé Petter do, mist emol elo 2-3 Stonne bei der gefruerener Bâch setzen; ech wetten,hie kriet me' Matlêd mat eis âner.

Wanter:Baut Iech eng Wäschkichen mat wâremt wâsser.

Blöll:Heielei,den Hèr Baron.Mir si keng Millionäre.Mir mussen e'is ploen.Ech hu Rhumatissmen,de Schnapp an den Ho'scht,ech hât schons eng Longenentzündung.Wann ech eng Ke'er eso' stierwen, dann hutt Dir et um Gewössen.A meng ârem Kanner.

Wanter:Et ass schons gewäsch gin,ihrt Dir hei Wârt an et get och nach gewäsch,wann Dir nit me' hei sid.

Blöll:He'ert Dir,Hèr Richter.Dât ass all Matléd,dât den Hèr mat e'i huet.Ass dât nit traurig?

Richter:Dir huet et allerdings schwe'er,Madame Blöll.Mir kucken, wât sech do mâche le'sst.Dir kritt dach vle'icht nach eng ke'er eng Wäschkichen mat wârem Wâsser.

Blöll:Ech ge'f Iech op Kne'en danken,Hèr Richter,an Iech gär eng ke Ke'er Er wäsch fir ne'ischt mâchen.

Richter:Merci viraus.Et ass un der Madame Anna Brav.

Brav:Hèr Richter,ech sin eng ârem Frâ mat 7Kanner.Mei Mann ass do't, an ech muss eleng fir de Stôt suergen.Am Summer geht et alt, mais am Wanter,da wéss ech kê Rot.Bâl huet det,bâl dât keng Schung,keng Strömp,kê Mantel a kê Schâl.De Wanter do dreiwt et ze bont.Et ass eng richtèg Kujenat mat dém Pengiger.Ech soen e richt eraus,bei him zo'.Ech hât der alt 4 matenén krank do leie Dât klengst mat de Rédelen,dât ânert mam bloen Ho'scht,engt âne mat enger duebler Longenentzündung,an dat 4.mat Scharlach.Gudd dass d'Sonn erem ko'm ass,mir wären all zu Schâne gângen.Nén, dât mâchen ech nit me' mat.Huelt e'is dé Bèr vum Leif,Hèr Richter,den Himmel verdingt Dir dermat.

Wanter:Ech muss fir alles haften,fir all Bauchwe' an all Kre'enaan. Dât ass nun awer allerhand.Ech kreien alles an d'Schung geschott-Ech gin all Dag zu alle Stonnen eraus,ech hun nach kén Erkâlte fo'nd.Sôt,dé krappige Butek soll seng Nues dobannen hâlen.Rîcht iech wann et Ze'it ass,dir wösst dach dass ech kommen.

Richter:Wuel,Wanter,mais trotzdem ass et hârt fir de' ârem Leit.

All:Bravo.Bravo.Mir wannen de Prozess.

Richter:Den Hèr Hôtelier vum Vio'lemhaff soll schwätzen.

Hôtelier:Dir Dammen an dir Hèren.Ech hun d'hallef Welt gesin a nach é Stek vun der âner Se'it.Ech war an Agypten an am Kongo; un der Riviera an a Kalfornien.Ech hun d'Schweiz geklappt an a Kanada gedingt.Ech schwätzen 4 Sprôchen gudd,an 3 hallef.Ech ka kachen,Pâtisserie mâchen,dât Feinst vum Fein= sten mir serve'ren Frellen a Kripsen-eis Spezialite't ass Kuddelfleck am Wanter,a Léwerknedelen,dat Rèngst vum Bèschte

Wanter:Dé missbraucht d'Gerîcht fir Reklame fir sei Geschäft ze mâchen.

Richter:Ei,d'Wâsser léft engem am Mo'nd zesummen.

Hôtelier:Reklame muss ech mâchen,wöll,wât hun ech vu mengem Vio'len= haff wa Schne' leit,an de Stûrem rost?Ech kann zo' mâchen a mat den Ze'we spillen.Dât interesse'ert Dech nit.An Agypten an op der Riviera kommt Dir nit un.Do gingen se Iech wât gelifft soen,hein.

Wanter:Ma,da gitt duer.

Hôtelier:Dât si menger Sâchen.Mei Vio'lenhaff ass é Parade'is -Ei. wann et Summer ass.An der Hochsaison.Awer am Wanter. Millionär ge'f ech,wa kè Wanter wär.Hèr Richter,kommt eng Ke'er.Ech lueden Iech ân mat Erer ganzer Familren.

Richter:Gudd.Gudd.

Wanter:Hèr Richter,wann Dir Iech bestéche lôsst,da geheien ech de ganze Prozess op d'Kopp.

All:Mir wannen.Mir wannen.

Kodex:Ah nén.Ah nén.Dât do könne mir a kenger Conditio'n durech lôssen.Ech werd oppassen a mir dé Fall note'ren.

Richter:Hèr Affekôt,lét Ere Knapp a Ro'.Ech wéss am bèschten,wât é Richter ze mâchen,a nit ze mâchen huet.Ech wöll dese Prozess ganz e'erlech an onparteiisch fe'ren.Als Beweis solle och de' zu Wûrt kommen,de' fir den Ugeklôten antréden. 4 Bo'wen hun d'Wûrt.

Bo'wen:(all)Bravo.Bravo.Hèr Wanter.
Et get charmant,charmanter.
Mirhun Dech gär,dech gro'sse Fre'nd.
wèll én we's du nit all Dâg ke'nt.

1.Bo'w:Hèr Richter,ech ka ne'ischt ge'nt dé Mann do soen.Hien mecht mir nömme Pläse'er.

2.Bo'w:Ei,dé Schne'.Mei Schlitt.Meng Eisschung.De' herrlech Schleich Dé sche'ngste Sport.

3.Bo'w:An d'Schne'klatzen.An d'Schne'männer.De' sche' ro't Bâken, de' én da kritt an dé Wonnerappetit.Vive de Wanter.

4.Bo'w:Hié brengt de Kêschen an d'Kroschtköndchen.Mir juchzen a mir rullen.Mir können de Wanter nömme luewen.

Bowen:(all)De Wanter,dé soll léwen.Vive.Vive.Vive.

Wanter:Merci,Jongen.Dât do dét mer gudd bis an de' deck Ze'w.Et get dach ne'ischt iwer fro',gesond a léwig Bo'wen.Ech wärt Iech nach allerhand Pläse'er mâchen.

Richter:Den Hèr Grôf vum Wibbelpötz ass un der Rei.
Jer'er:Dir Hèren.Ech si Je'er.Ech hun de Wanter gèr.Ech fannen d'Wöld da mat der Spur.Et ass eng Fréd dann d'ganz Natur Zumol wann é Wöllschwein gese'it.Ei,dât get Sport.Huesen a Karnengercher,gewe'hnlich wuer.Mais eso' é wölle Keiler am Wanter.Ah,ech kann de Schne' nlmme luewen.
Richter:An Dir!Hèr Stanislas Brumski?
Pelzhändeler:Ja,Stanislas Brumski ass mein Neum.Ech si gro'sse Pelzhändeler an der Stât.Mengt Geschäft ass eso' sche'n an eso' wichtig we' dém Hèr sengt mam Kuddelfleck a mat de Léwerknédelen Ech hu me' geld dra stéchen we' hién.wât ge'f ech awer mâchen, wa kê Wanter wär?Ech wär rujene'ert.Wât de Wanter me' hârt get, wât meng Geschäfte besser gin.Dir begreift,Hèr Richter,ech ka neischt dé Mann do sôn.Au contraire,mir get e nie ze hârt a mir dauert e nie ze lâng.
Richter:Hei huet jidderén nömme sein égene bénefice am Aan.-Den Hèr Kuelenhändler Stöps huet d'Wûrt.
Stöps:Ech hêsche Stöps,mais meng Kuele si kê Stöps.Ech hun e'schtklas sig Wuer a liweren zu de bölligste, Pre'isser direkt an d'Haus ömmer bölliger a besser we' all Konkurrenz.Ech muss och soen Mir ass de Wanter le'f.Ech ke!nt mir kê bessere we'nschen! Am Summer hu mir ne'ischt ze din.Dir begre'ift......
Richter:Gudd!Ech begre'ifen alles!-Endlech si mir mat den zeien um Enn!Hèr Platsch,Dir hutt jo alles note'ert?
Platsch:Den Töppel um i!Hèr Richter.
Richter:Gudd!Et ass wirklech schwe'er do ze richten.Den Hèr Affekôt Kodex huet d'Wûrt.
Kodex:Hèr Richter, et ass nit schwe'er hei ze richten.Dé Fall hei ass eso' Klôr we' d'Sonn.Mei Client ass eso' onschölleg we' sei Schne''we'iss ass.
Gemurmel.
Kodex:Ech schwätzen nit fir desem an dém ze gefâlen;och nit fir mein ègnen bemefice,mais ech soen d'Worecht,voilà.
All:De' hu mir och gesôt.
Kodex:Vle'cht,mais jidderé vun Iech schwätzt a seng égen Täsch.Jidder denkt nömmen u sech.Wann et him gudd geht,dann ass alles an der Reih,da kann de Rescht zum Deiwel go'en.We' dir do gitt a stitt dir sid all gro'ss Egoisten.
Hèr Richter,ech mâche nit vill Wîrder.Dir musst d'Wuel vun eis alleguer am Aan hâlen.DeWanter ass ganz netzlech a wann hién nit do wär da misst e geschâfe gin.Eiser Herrgott wo'st,wât e gemét huet.D'Natur muss raschten.Et muss kâl a nâss gin soss ge d'Ongeziefer,an et ass dés och önnert dèr Band do,Iwerhand huelen,a wuer ging et dann hin?De Schne' ass sche'n a gudd-et wîsst vill Bro't drönner.-We' langweileg wär et wann d'Sonn ömmer scheng ge'f.D'Menschen an d'De're ge'fe liddereg gin-

Et mussen och me'schwe'er Zeite, kommen,soss ge'fe mer all ze üppig gin.-An de' sche' Fester,de' de Wanter brengt.Wann et dem enge schlecht ergeht da sollen de' âner him höllefen.De' eng si re'ich,de' âner ârm.Duefir kann de Wanter nit.-Duefir dir Me'nschen an De'ren:Courage.Gesitt iech vir.Stitt trei an dâper zesummen an én höllef dem âneren,da geht et alle gudd.

Mei Client ass é Bedirfnis.We' nôm Fre'johr de Summer an nôm Summer den Hierscht ke'nt,so' muss nôm Hierscht de Wanter kommen soss ge'f et och kê Frejohr me'.Duefir,Hèr Richter,spriécht mei Client frei.
Richter:Ech hun an aller Ro' nogelauschtert wât ge'nt a wât fir de Wanter gesôt gin ass. Den Hèr Kodex huet des Frô vum richtige Stand=ponkt betrucht.Wât e sôt ass wo'er.Et muss wirklech é Wanter gin Jo,lâst domat eiser Herrgott gewärden.Nömmen, e brauch awer nit grad zevill uereg gin.Ech muss och am Wanter eraus a mei Méschter,de klés=chen,ass dûrch Schnee a Kélt och dack geheit;mais et muss é weider gesin we seng Nues récht.-E muss dém âneren höllefen-dât ass ganz richtig.Wann en emol ze hârt wor,an et si Plâtzen,wo en nach me hârt ass we hei-da mussen eng Schneiz kreien an hié muss bremsen-mais soss--------- spréchen ech e frei.
Dûrchernén:Bravo.Hu.
Richter:D'Setzong ass opgehuewen.



# De Wanter um Gericht